ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4. Februar 2019

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Aarbechtsminister weiderzeleeden.

Am Kader vun enger Pressekonferenz iwwer d'Bauaarbechten un der Büchlerbréck huet de Minister Bausch sech fir en Ophiewe vum "Congé collectif" am Summer ausgeschwat, schreift d'Tageblatt de 16. Januar 2019.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Här Minister gär folgend Froe stellen:

1. Wëll d'Regierung de Prinzip vun de Kollektivcongéen a Fro stellen?
2. Wa jo, wëll si eventuell legiferéieren?
3. Wéi gesäit d'Regierung dës Interventioun vun engem Regierungsmember am Kontext vun der Verhandlungsautonomie vun de Sozialpartner?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique